N°591
Entrée le 13.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro N°591 vum 8. Abrëll 2024 vum Här Deputéierte Fernand KARTHEISER**

**Ad 1)**

Ewéi am Koalitiounsaccord virgesinn, soll hei am Land een nationalen Zentrum fir Affer vu sexueller Gewalt geschafe ginn. D'Zil ass et, datt an d'Zukunft d'Prise en charge vun den Affer vu sexueller an och vun anere Forme vu physescher Gewalt op enger eenzeger Plaz ka gemaach ginn, wou eng multidisziplinär a personaliséiert Approche et soll erméiglechen, datt de Besoinen vun den Affer besser ka Rechnung gedroe ginn. Een Aarbechtsgrupp, an deem déi verschidde concernéiert Ministerie vertruede sinn, schafft aktuell un den Detailer, wéi esou eng Ulafstell méiglechst efficace zu Lëtzebuerg opgebaut ka ginn a fonctionnéiere soll.

**Ad 2)**

2023 huet de Grevio (een onofhängegt Organ, dat kontrolléiert, dass  d'Konventioun vum Conseil de l'Europe *sur la prévention et la lutte contre la violence à l'égard des femmes et la violence domestique* - d'Konventioun vun Istanbul – respektéiert gëtt), säin Evaluatiounsrapport mat Recommandatiounen fir Lëtzebuerg publizéiert, déi d'Regierung am Gaang ass opzeschaffen. Och wann déi lëtzebuergesch Legislatioun haut schonns e gudde Kader stellt, fir sexuell an haislech Gewalt ze poursuivéieren an ze bestrofen, gëllt et dëse legale Kader op Basis vum Rapport vum Grevio a vun enger eegener Evaluatioun am Laf vun dëser Legislaturperiod ze adaptéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue